



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. Oktober 2020

REÇU
Par Aff Christian, 10:00, 16/10/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Gëschter war ze héieren datt am Moment quasi keng Grippe-Impfungen an den Apdikten ze kréie sinn. Enn des Mounts soll erëm eng Liwwerung vun enger grousser Firma kommen, dono géif et dann awer bis Dezember dauere bis déi nächst Impfstoffer am Grand-Duché ukommen. D'Apdikten hate wuel eng Circulaire vun der Santé kritt fir de vulnerabele Leit de Vaccin prioritär ze reservéieren, allerdéngs ass dës Circulaire zu engem Moment komm wou déi meescht Apdikte scho keng Impfstoffer méi haten.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Wéi gedenkt d'Regierung ze garantéieren datt bei den nächste Liwwerungen déi vulnerabel Leit eng Prioritéit hunn?
2. Huet d'Regierung probéiert bei de verschiddene Fournisseuren ze intervenéieren fir datt zäitno méi Vaccine op Lëtzebuerg geliwwert ginn?
3. Wann nee, fir wat resp. huet se wëlles dat nach ze maachen?
4. Wéi eng Strategie huet d'Regierung dës Joer wat d'Grippe-Impfungen vun eiser Populatioun ugeet?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Jean-Marie Halsdorf
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Aiff Christian, 13:12, 19/10/2020

Luxembourg, le 19 octobre 2020

Réf. : 831x15537

Concerne: Question parlementaire urgente n° 2989 du 16 octobre 2020 de Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n° 2989 du 16 octobre 2020 de Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf concernant le "Vaccin contre la grippe".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement



Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 2989 du 16 octobre 2020 de Monsieur le Député Jean-Marie Halsdorf concernant le "Vaccin contre la grippe".

Ech erlabe mir dem honorabelen Deputéierten kuerz nach eemol d' Organisatioun vun der Grippeimpfung zu Lëtzebuerg ze rappeléieren : et handelt sech heibäi am Prinzip ëm e fräien Marché wou d' Apdikter aus den Officinen am Ufank vum Joer - an dësem Fall virun der Covid-19 Epidemie - bäi den Grossisten hier Virbestellung un Vaccinen maachen. D' Grossisten hirersäits bestellen dann bäi den Produzenten vum Vaccin déi eng « autorisation de mise sur le marché » zu Lëtzebuerg hunn oder ufroen. De Verkafspräis vum Vaccin gëtt vun der Sécurité sociale fixéiert, d' final Zuel vun de Vaccinen an d'Akaafspräiser ginn um fräie Marché zwëschent Apdikter, Grossisten an Produzenten verhandelt. Fir 2020 goufen esou eppes méi wéi 80'000 Vaccinen bestallt.

De Staat gräift an dësen fräie Marché nëmmen an, wann deen sech net selwer reguléiert a wann doduerch mat Problemer ze rechnen ass. Dëst war natierlech 2020 de Fall, bedéngt duerch d'Covid-19 Pandemie, wou et virauszegesinn war, dass eng gréisser Demande fir de Vaccin géif kommen. D' Direktioun vun der Santé huet dofir am Juni décidéiert, no engem Gespréich mat dem Syndicat des Pharmaciens Luxembourgeois (SPL), wou d' Problematik ugesprach gouf, selwer 30'000 Dosen Vaccin ze kafen, zousätzlech zu den Vaccinen déi iwwert d' Pharmaciens bestallt goufen. Dës Vaccinen wäerten och Ufank Dezember geliwwert ginn.

D' Direktioun vun der Santé huet den 7. September, also ongeféier 2 Wochen, iert déi éischt Dosen Vaccinen vun den Grossisten an d' Apdikten geliwwert goufen, eng Lettre-circulaire un d' Dokteren an un d' Apdikter geschéckt, wou si dorop insistéiert huet, dass déi vulnérabel Leit sollten prioritär Vaccin kréien. Et ass dofir net nozevollzéien, firwat an enger rezenter RTL Reportage behaupt gouf, « *Do ass eng Circulaire komm, vun der Direktioun vun der Santé, mee déi ass awer leider eréischt komm, do haten Dréiféierels vun den Apdikte scho kee Vaccin méi* ».

D' Recommandatioun dass déi vulnérabel Leit prioritär sollten sinn, ass den 29. September nach eemol widderhollt ginn, genau esou wéi eng leschte Kéier Mëtt Oktober.

D' ganz Joer steet d' Direktioun vun der Santé regelméisseg all 2-3 Méint mat de verschiddenen Produzenten vu Vaccinen a Kontakt fir sécherzestellen, dass dës Produzenten och hier Vaccinen zu Lëtzebuerg ubidden an esouwuel eng « autorisation de mise sur le marché » bäi de Santé, wéi e « prix de vente » bäi der Sécurité sociale ufroen. Dëst sinn d' Basiskonditiounen fir dass dono Vaccinen iwwerhaupt kann akaaft a geliwwert ginn.

Enn September sinn eng 55'000 Grippevaccinen op Lëtzebuerg komm. Et ass virgesinn, dass nach eng ronn 30'000 Vaccinen bis Enn Oktober geliwwert ginn. Dono kommen nach eemol 5'000 Vaccinen an d' Apdikten Ufank Dezember, zur gläicher Zäit wou och dann déi 30'000 supplémentär Vaccinen an der Direktioun vun der Santé ukommen. Dëst wäeren dann am Ganzen ronn 120'000 Dosen, bedeitend méi wéi an engem normalen Joer wou zwëschent 60'000 an 80'000 Dosen geliwwert ginn. Et gëtt am Moment eng allgemeng Penurie vu Grippevaccinen a ganz Europa. Et ass dofir net domat ze rechnen, dass nach zousätzlech Vaccinen op Lëtzebuerg kommen.

D' Strategie dëst Joer fir Grippeimpfungen ass kloer a bedéngt duerch d' Realitéit dass mir net déi ganz Bevëlkerung impfen kënnen : fir d'éischt déi vulnérabel Leit (no der Definitioun vum Conseil supérieur des maladies infectieuses), dono d'Gesondheitsberuffler déi am direkten Kontakt mat dësen vulnérabelen Leit stinn an domat Vecteur vum Virus kéinten sinn, an dono eréischt all déi aner Leit déi sech wëllen impfen loossen.